Contern, de 16. Abrëll 2020

Communiqué de presse

Sou wéi de Premier Minister Xavier Bettel de 15. Abrëll op enger Pressekonferenz ugekënnegt huet, muss all Festivitéit vu grouss Envergure bis den 31. Juli annuléiert gin. A Concertatioun mam Schäfferot vun der Gemeng Conter musse mir als Organisateur vum „Festival International de la Bande Dessinée“ d'Editioun vun 2020 schwéiren Häerzens ofsoen.

Dës Editioun gët och leider net op en aaneren, méi spéiden Datum reportéiert.

Die ganz Ekipp vum Festival freet sech ëmsou méi op d'Editioun 2021, déi de 17. an 18. Juli 2021 zu Conter wäert ofgehale ginn.

D'Ekipp vum Festival wärt dëst Joer awer zesummen mat der Gemeng Conter weider um Projet « Village de la BD » schaffen fir aus Conter de Mëttelpunkt vun der 9. Konscht an der Groussregioun ze maachen. Esou wäert nächst Woch en Appel à candidature iwwer d'Focuna (Fonds culturel national) lancéiert ginn. Thema ass, eng BD-Figur ze zeechnen ronderëm d'Legend vu Conter: „de Bidgank no Conter“ vum Jacques Diedenhoven. Dëse Concours ass an Zesummenaarbecht mam CNL (Centre national de littérature Mersch). Weider Informatiounen dozou fannt Dir um Site vum FOCUNA oder op der Facebooksäit vum Festival.

D'Ekipp vum Festival wëll fir d'Editioun 2021 eng nei Figur an der Welt vun der BD présentéieren. Mir lueden Iech elo schonns an fir am Juli 2021 op Conter ze fir zesummen d'BD ze feieren.

De Schäfferot vun der Gemeng Conter
Marion Zovilé
Fernand Schiltz
Tom Jungblut

BD-Kommissioun vun der Conter Gemeng
Jean-Claude Muller
Lydia Alegria